# PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

## Eis Aktivitéiten vum 16 Mäerz 2026 bis den 06 Abrëll 2026





### Méindeg, den 16 Mäerz 2026 um 19:30
### an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

**Work Shop Beliichtung durch Glas vun engem Déier**

D'Fotograféiere vun Déiereportraiten op Glas erfuerdert eng speziell Technik, fir Reflexiounen ze vermeiden, Bildschärft ze garantéieren an d'Déier sécher ze positionéieren. Underlook-Perspektiv (vun ënnen) ass besonnesch flott.

**Wat mir brauchen :**

Eng robust Glasplack déi stabil genuch ass, fir d'Gewiicht vum Déier sécher ze droen an 2 Studio Blëtzer mat Softbox. Fir lëschteg Portraiten ze kreéieren, gëtt d'Déier (dacks Kaz oder Hond) op dës Plack geluecht a vun ënne fotograféiert.
En donkelen oder schwaarzen Hannergrond hannert dem Déier (aus der Perspektiv vun der Kamera) léisst de Pelz dacks méi erausstoen an erstellt en dramateschen Effekt. Well mir nach keng Erfarung mat dëser Technik hu probéiere mir dat mol als éischt mat engem Plüschdéier.

### Méindeg, den 23 Mäerz 2026 um 19:30
### an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

**Makro Fotografie**

An der Makrofotografie brauche mir onbedéngt e Stativ, genuch Luucht, e passend Makroobjektiv (am Idealfall 90-105mm) a vill Gedold. Et ass wichteg, präzis op de Sujet ze fokusséieren (z.B. d'Ae vun Insekten), an en niddregen ISO Wäert fir eng héich Bildqualitéit ze wielen.
Et kann ee bewosst Biller mat enger klenger Déifteschäerft kreéieren oder Focus Stacking benotzen, fir en duerchgehend schaarft Bild ze erreechen. Focus Stacking (oder Stacking vu Fokuspunkten) ass eng fotografesch Technik, bei där verschidde Biller vum selwechte Sujet, déi mat verschiddene Fokuspunkten opgeholl goufen ze kombinéieren fir maximal Schäerft vum gesamte Sujet ze hunn.

### Méindeg, den 30 Mäerz 2026 um 19:30
### an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

**PHOTO-Talk Rockabilly**

Jidderee ka 4 Fotoen zum Thema Rockabilly a 4 Fotoe Sujet libre ofginn. Ween keng Fotoen zum Sujet imposé huet kann och 8 Fotoen am Sujet libre matbréngen. **Fotoen iwert de Formular deen dir um pcgs.lu fannt erop lueden !!**
**Nëmmen déi Fotoen déi iwwert de Formular erop geluede ginn, kënne gewise ginn.**
**Méindes  Owes gi keng Fotoe mei ugeholl.**
**Numm vun der Foto fir de Sujet libre : SL_1_äre Numm a Virnumm.jpg**
**Sujet imposé ( Natur am Wanter ) :     SI_1_äre Numm a Virnumm.jpg**

## Méindeg, den 06 Abrëll 2026 ass keng Versammlung, et ass Ouschterméinden

